Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# TKS Sitzung vum 21. Februar 2023

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Louis Baruzzini** | **Steve Blasen exc.** | **Steve Degano exc.** | |
| **Claude Ernst** | **Jean-Marc Hoffmann** | **Christiane Huberty** | **Uwe Jakoby** |
| **Patrick Molitor exc.** | **Gilles Mores** | **J.-Pierre Schnorbus** | |

## 1. Ekippechampionnat

De Steve huet wéinst engem Krankheetsfall misse méi lang schaffen a konnt ne tun der Versammlung deelhuelen. An eisern exte Sitzung kucke mer d'Statistike vun eisem Ekipechampionnat.

## 2. Eenzel- an Tandemmeeschterschaften

Bis elo konnten all Wënsch wat Ännerungen ubelangt erfëllt ginn. Am Allgemengen leeft alles gudd.

## 3. WM 2023

Jugend: Den NBS-President Michael Tescchner huet dem Jean-Marc eng Mail geschéckt mat de Startplazen fir Lëtzebuerg a hätt gäeren eng Äntwërt bis de 27/02 Lëtzebuerg dës Plazen definitif bestätegt. Vu dass op der NBS-Konferenz am leschte September festgehale gouf, dass de Jugendbeoptragten vun der NBS mat Däitschland a Lëtzebuerg e Spillmodus ausschaffe sollt, a bis elo näischt geschitt ass, huet de Jean-Marc him geäntwërt, dass Lëtzebuerg ouni e Spillmodus, den 2 Natiounen an de Finale garantéiert, keng Ausso géif machen. Hién huet geäntwërt, dass dëst garantéiert wier. D'Jugendkommissioun gouf kontaktéiert, fir e Plang fir di 2 Szenariën opzestellen.

Senioren: WM-Selektioune sinn den 18. März zu Oberthal virgesinn. Et muss nach mat de Coachen ofgeschwat ginn, wat mat deene geschitt, di den Datum net kënnen do sinn. Bei den Dammen gett et schwéier, well 4 Dammen net fit sinn. D'Fro stellt sech, op et net Sënn mecht, 7 Damme matzehuelen.
Dono kucke mer fir en Training zu Ostbeveren. E Weekend mat 2 Traininger (Samsdes et Sonndes).

## 4. Reglementsännerungen

Altersklassen: - bei den Alterklassen zielt bei der NBS d'Kalënnerjoer. Mär missten eist Reglement dem upassen.

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel www.lupa69.com
WILWERT depuis 1952

- bei der Jugend ass den Alter fir unzefänken am Prinzip 9 Joer, et sei denn, Traineren entscheeden, dass si d'Klatze packen a spille kënnen.

Eenzel- an Tandemmesschterschaften: - Ab 20 Starter gett eng Véierelsfinal gespillt (virdrun ab 17).

Mär musse klären, op et net géint europäescht Recht verstéisst, dass e Net-Lëtzebuerger nëmme Federatiounsmeeschter gëtt. Dëst misst am Ca geklärt ginn.

## 5. Verschiddenes

### a. International Mätcher

De Gilles huet mam Marco Baur a Mar Authelet Kontakt opgeholl. Bis elo hu mär awer nach näischt Konkretes. De Jean-Marc kuckt eventuell um WNBA-Kongress méi gewuer ze ginn.

### b. Nuit des Sports vum 13/05/2023

Vu dass den Honnerter/Performance zu Hüttersorf sinn de Jemp an de Jean-Marc net disponibel. D'Christiane huet Eenzelmeeschterschaft am Nationalen. Mär kontaktéieren d'Jugendkommissioun a kucken an der nexter Sitzung méi konkret ze ginn. Den Uwe ass eventuell disponibel an Christiane eventuell géint der Owend.

### c. Bunnen zu Péiteng

D'Bunne fontionnéieren nach ëmmer net optimal. De Klaus woar do an huet d'Schalteren op der Bunn 2 all gewiesselt. Et muss elo gekuckt ginn op de Problem domat geléist ass. Wa jo, da ginn d'Schalteren all ersat. Wa net, geet d'Gesichs no den Ursache virun. Et sinn dann eventuell di eenzel Sensore vun de Seeler.

Next Sitzung de 5. Abrëll um 19:00 zu Péiteng

**Mat beschte Gréiss**

**Jean-Marc**

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE

hummel
www.lupa69.com

WILWERT
depuis 1952